



Diddeleng, 4. Februar 2023

Françoise Kemp
134, rue Ste Barbe
L-3416 Dudelange

Un de Buergermeeschter an un

De Schäfferot vun der Gemeng Diddeleng

Am Numm vun der CSV-Sektioun Diddeleng bieden ech Iech an der nächster Gemengerotssëtzung vum 10. Februar 2023 op folgend Froen ze äntweren:

Säit länger Zäit ass de Shared Space mat Polleren zou sou dat een net méi derduerch fuere kann an kee Gebrauch maache ka vun den 30-Minutte Parkplaze virun de Butteker. De Shared space war deelweis mëttes ab 14h zou obwuel de Passage laanscht d' Kierch nach befuerbar war.

- Wisou ass de Shared space trotzdeem mëttes zou gemaach ginn?
- Wei laang ass de Shared space nach zou an deementspreechend eng Foussgängerzon? CSV war emmer fir en Shared space a net fir eng Foussgängerzon.
- Wisou kënnen Aarbechten an där Phase vum Shared space net besser koordinéiert ginn? Zum Beispill gouf d' Waasser an der rue du Commerce, Niddeschgaass a rue Jean Jaurès een Dag ofgespaart vun der Gemeng an den Dag drop vun enger Firma aus der rue du Nord. Dëst bedeit och Abousse fir eis Diddelenger Geschäftsleit.
- Ass eppes virgesi fir d'Geschäftsleit ze entscheidege well hier Butteker net méi esou accessibel waren?

Mat engem grouse Merci fir Är Äntwert verbleiwen ech mat beschte Gréiss

Françoise Kemp